PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 17/11/2021

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Cultes & Gesondheet weiderzeleeden.

Den 10ten November hunn de Premier an d'Santésministesch sech mat de Vertrieder vun der Glawensgemeinschaften zu Lëtzebuerg getraff, fir iwwert déi aktuell sanitär Situatioun ze schwätzen. Een Thema war och wat d'Reliounsvertrieder maachen, fir d'Verbreedung vum Virus an hire Gemeinschaften ze reduzéieren, respektiv auszebremsen.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Kann de Minister erklären, firwat et richteg a wichteg ass, mat de Vertrieder vun de verschiddene Reliounsgemeinschaften iwwert d'Schutzmesuren an d'Impfen ze schwätzen? Gesäit de Minister hei Nohuelbedarf vu Säite vun de Reliounsvertrieder?

2. Hunn all d'Vertrieder an der Reunioun sech zu de Virdeeler vun der Impfung bekannt?

3. An d'Reunioun waren nëmme Vertrieder vun de konventionéierte Glawensgemeinschaften invitéiert. Laut eegenen Ugaben hunn, zum Beispill, d'Zeuge Jehovas iwwer 2000 Memberen zu Lëtzebuerg a si fir hier Retizenz, wat verschidde medezinesch Versuergungen ugeet, bekannt. Hunn d'Ministeren sech och mat dëse Leit zesummegesat, fir si iwwert Virdeeler vun enger Impfung z'informéieren?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc

Député